



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Den neie Gesetzesprojet N° 7100, dee Modifikatioune fir de Beruff vum Affekot virgesäit, behandelt och de sproochlechen Aspekt. Et ass wichteg, datt de Bierger weess, wat fir Sproochen ee viru Geriicht benotze kann an datt him keng Nodeeler aus sproochleche Grënn entstinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. Kann d'Regierung zesummeffaassend erklären, wéi den aktuelle Stand vun der Sproocheregelung am Justizwiesen a besonnesch fir d'Affekoten ausgesäit?
2. Ännert den neie Gesetzesprojet N° 7100 déi aktuell sproochlech Situatioun am Justizwiesen? Wa jo, wéi?
3. Setzt d'Regierung sech fir eis Nationalsprooch am Justizwiesen an, obwuel de Justizvolet an där vun der Regierung verëffentlechter *Strategie fir d'Promotioun vun der Lëtzebuenger Sprooch* net behandelt gëtt? Wa jo, wéi? Encouragéiert d'Regierung d'Magistrate Lëtzebuergesch ze schwätzen?
4. Gëtt bei der Assistance judiciaire duerno gekuckt, ob de Beneficiaire d'Sprooch vum Affekot versteet, ass et also engem Lëtzebuenger Beneficiaire vun der Assistance méiglech, ze verlaangen, datt säi juristesche Bäistand Lëtzebuergesch schwätzt?
5. Firwat ginn déi sproochlech Tester fir d'Affekoten um Barreau gemaach an net op enger méi neutraler Plaz, ewéi z.B. am INL (*Institut national des langues*)?
6. Wéi eng Sproochenniveaue gi fir d'Affekoten op deene verschiddene Lëschte gefuerdert a wéi gëtt séchergestellt, datt d'Exigenzen an deene Sproochentester, déi um Barreau gemaach ginn, deene gefuerderten Niveauen effektiv entsprechen?

7. Wéi eng Persoun sinn habilitéiert, fir als Examineur déi Sproochenexamen um Barreau ze maachen an opgrond vu wéi enge Qualifikatiounen? Wéi gëtt sécher gestallt, datt déi Konditiounen respektéiert ginn?
8. Wéi vill nei Affekote gi pro Joer zu Lëtzebuerg zougeloo?
9. Wéi vill vun deenen op der Lëscht I vum Ordre des Avocats zougelooenen Affekote kënnen Lëtzebuergesch? Wéi vill auslännesch Affekote sinn duerchschnëttlech pro Joer vum lëtzebuergesche Sproochentest entbonnen?
10. Si schonn auslännesch Affekoten eleng duerch den Echec am lëtzebuergesche Sproochentest net op d'Lëscht I vum Ordre des Avocats komm?
11. Huet de Staat Statistiken doriwwer wéi vill Affekote Lëtzebuergesch kënnen a wéi vill net an op wéi engem Niveau?
12. Sollt de Gesetzesprojet N° 7100 gestëmmt ginn, wat géing sech dann un den Zuele vun deene virausgoende Froen änneren?
13. Wéi huet sech déi sproochlech Praxis viru Geriicht iwwer d'Joren entwéckelt? Gëtt méi oder manner Lëtzebuergesch geschwat? Schwätzen d'Magistrate direkt a vu sech aus Lëtzebuergesch, esou bal si mierken, datt e Lëtzeburger Schwiereregkeete mat der franséischer Sprooch huet?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten